Le caractère urgent de la question a été reconnu (28.01.2021)

n° 3520

Här Fernand Etgen
President vun der Chamber

Lëtzebuerg, den 27. Januar 2021

Här President,

Esou ewéi den Artikel 84 vum Chambersreglement et virgesäit, bieden mir Iech, dës dréngend parlamentaresch Fro un den Här Minister fir Educatioun, Kanner a Jugend weiderzeleeden.

Virum Hannergrond vun der Pandemie hat den Här Educatiounsminister am Dezember A/B Gruppen op den ieweschte Klassen am Secondär fir dat éischt Semester ugekënnegt.

An dësem Kontext wëlle mir folgend Froen un d'Regierung stellen:

- Sollen d'Klassen och nach no der Fuesvakanz an A/B Gruppen weiderfunktionnéieren?
- Wa jo, wäert dat nëmmen vir déi iewescht Klassen am Secondaire gëllen?
- Falls nee, aus wéi engem Grond?

Här President, mir bieden Iech eisen déifste Respekt unzehuelen.

Martine Hansen
Deputéiert

Claude Wiseler
Deputéierten

**Äntwert vum Minister fir Educatioun, Kanner a Jugend op d'parlamentaresch Fro Nr. 3520 vun den honorabelen Deputéierte Martine Hansen a Claude Wiseler**

Wéi aus internationalen Etuden ervirgeet, besteet e prinzipielle Konsens doriwwer, datt d'Schoule sollen opbleiwen.

Au vu vun den aktuellen Zuele vun neien Infektiounen, sollen déi Moossnamen, déi de Moment a Kraaft sinn, och weiderhin oprechterhale bleiwen. Dat heescht, datt och no der Fuesvakanz déi iewescht Klassen am Lycée wäerten "en alternance" funktionéieren.

Opgrond vu Virusvarianten, déi méiglecherweis méi ustiechend sinn, muss een awer virsiichteg bleiwen, sou datt – jee no der Evolutioun vun den Zuelen – och aner Mesurë kënnen ergraff ginn. D'Situatioun gëtt permanent suivéiert vum Comité de Pilotage, deen aus Vertrieder vum Gesondheetsministère a vum Educatiounsministère besteet.